



N° 4270
Reçue le 12.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.05.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/05/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Laut den Zuele vum Ministère de la Fonction publique, goufen am Joer 2020 bal 2000 Persounen nei agestallt. De gréissten Deel vun de Mataarbechter beim Staat befënnt sech an enger Karriär A1 (28%), A2 (21%) oder B1 (31%).

An menge Froen n°3122, 3454 an 3493 wollt ech vun de Ministere wëssen, ob beim Staat d'Quot vu 5% fir Aarbechter mat engem Statut handicapé respektéiert gëtt. D'Ministernen haten erkläert, dass et schwierig wier, fir déi genau Zuel vu Aarbechter beim Staat, CFL an de Gemenge mat engem Statut handicapé unzeginn, well sech de Statut vun engem Aarbechter während senger Karriär ännere kann.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill vun den 2020 néi ugestallte Persounen hunn ee Statut de travailleur handicapé?
2. An wat fir Karriäre fannen sech dës Persounen erëm?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu